

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2020

“Kreativen” Ëmgang vum MENJE mat der Zuel vun den Iwwerstonnen

Léif Memberen,

An engem Lieserbréif am *WORT*¹ hat ee vun eise Comitésmemberen op déi riseg Unzuel un Iwwerstonnen higewisen, déi am Enseignement secondaire Joer fir Joer gelescht musse ginn, an huet gläichzäiteg déi extrem schlecht Bezuelung vun dëser gréisstendeels onfräiwëlleger Méiaarbecht kritiséiert.

Schonn zanter laangem weist de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP drop hin, dass et sech heibäi net nëmmen ëm punktuell oder technesch bedéngten Iwwerstonnen handelt, mee gréisstendeels ëm permanent a strukturell Surtâchen, déi musse gemaach ginn, fir de System um Lafen ze halen. Haaptursaach fir dës **chronesch Surtâchen** ass déi deels **massiv Penurie un Enseignanten** a ville Fächer, déi mir och schonn heefeg thematiséiert hunn.

Op eng parlamentaresch Fro² zu dësem Sujet huet den Educatiounsminister Claude Meisch geäntwert, dass während dem Schouljoer 2018/2019 insgesamt 8.109,59 Iwwerstonne gelescht goufen.

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP wëll drop opmierksam maachen, dass dës Unzuel **net deenen iwwert dat gesamt Schouljoer 2018/2019 geleschten Iwwerstonnen entsprécht, mee deenen** prestéierten Iwwerstonnen **pro Woch!** Et sief och drun erënnert, dass et sech dobäi jeeweils ëm Schoulstonnen (« *Leçons* ») handelt, déi souwuel Virbereedung wéi och Nobereedung (z.B. Verbessere vu Prüfungen) zousätzlech verlaangen.

Déi **wierklech Zuel u Schoulstonnen**, déi während dem Schouljoer 2018/2019 als Iwwerstonne gelescht goufen, ergëtt sech also duerch d' Multiplikatioun mat de Schoulwochen, a **läit bei knapp 300.000 (!)**.

An dësem Kontext huet de Comité vun der Féduse/Enseignement **zwou kloer Fuerderungen** un den Educatiounsminister:

- Fir déi horrend Unzuel un Iwwerstonnen ze reduzéieren, **muss de Beruff vum Professor erëm vill méi attraktiv gemaach ginn**. Ënner anerem muss dofir gesuergt ginn, dass **virun allem – mee net nëmme – Studente vu MINT-Fächer** sech erëm méi **fir dëse Beruff intresséieren**.
- Déi **geleschten Iwwerstonne musse fair bezelt ginn** an net méi mat mindestens 30 % manner am Verglach zu enger Schoulstonn an der regulärer Tâche.

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP

¹ Publizéiert den 30. November 2019.

² QP1530 ënnert folgendem Link: <http://www.men.public.lu/fr/actualites/articles/questions-parlementaires/index.html>